NATIONAL - MÄI WËLLEN, MÄI WEE

# Schwéierkranke Mënschen e wierdegt Stierwen erméiglechen


Vu(m) Sabrina Backes | Update: 28.06.2022 18:02 | 21 Commentaire(n)



© RTL Archiv / Shutterstock

**Zënter 2009 gëtt et zu Lëtzebuerg ee Gesetz, dat d'Euthanasie a bestëmmte Fäll erméiglecht.**

Datt d'Euthanasie och zu Lëtzebuerg méiglech wier, géingen awer net vill Leit wëssen, dorënner och vill Dokteren a Fleegepersonal. D'Associatioun Mäi Wëllen, Mäi Wee wëll méi Leit iwwer dëse Sujet informéieren.




*Iwwer Euthanasie informéieren / Reportage Sabrina Backes*

## AM MEESCHTE GELIES

1 Schëss an Akafszenter zu Kopenhagen
3 Doudeger an 3 schwéier Blesséierter, jonken Dän verhaft

2 Prozess mat 2 Ugekloten
Wien dréit Matschold um Accident zu Lausduer viru 4 Joer?

3 Vermësstemeldung gestrach
12 Joer jonkt Sophie Steffenmünsberg ass nees do

4 LIVETICKER
Ukrain-Krich - déi aktuell Entwécklungen

5 Tëscht Miersch an Angelsbierg
Auto géint Bam - 3 Blesséierter, Samu am Asaz

Engersäits misste méi Dokteren iwwer d'Euthanasie selwer an iwwer d'Duerchféierung zu Lëtzebuerg informéiert ginn. Doktere géingen nach net genuch Bescheed wëssen, eppes dat sech ännere soll, de President vu Mäi Wëllen, Mäi Wee, Jean-Jacques Schonckert: *"Leider begéine mer dee Fall reegelméisseg, dass Leit sech bekloen, hei mir hunn eis ëmfrot an d'Doktere soten, dass et sou eppes zu Lëtzebuerg net géing ginn, an dass een duerfir misst an d'Schwäiz goen oder op d'Soins palliatifs zréckgräifen. An dat ass een Zoustand, deem mer lo entgéint wierke wëllen."*

D'ASBL Mäi Wëllen, Mäi Wee huet een Dossier mat deenen néidegen Informatiounen erstallt, deen un d'Dokteren a Psychiatere geschéckt gëtt. D'Euthanasie selwer kann awer just vun engem Dokter duerchgefouert ginn:

*"Et geet ëm d'wierdegt Stierwen. Zu Lëtzebuerg kënne mer momentan wierdeg liewen, mee et geet och drëms fir an Zukunft fir wierdeg ze stierwen. Mir si jo an enger humanistescher Gesellschaft, wou de Mënsch am Mëttelpunkt steet an dee soll och an der Medezin erëm an de Mëttelpunkt kommen an net onbedéngt d'Maschinnen oder d'Dokteren, et ass ee Ganzt."*

Anerersäits géing awer och an der Gesellschaft allgemeng net wierklech vill iwwer dësen Agrëff geschwat ginn.

*"Dat hänkt allgemeng zesumme mam Sujet Doud, wat een Tabu ass. Dann kënnt nach derbäi, dass en Accident séier geschéie kann, dass d'Leit och Angscht hunn. Jiddweree mengt e wier onstierflech. Mee et weess awer jiddwereen aus sengem Ëmfeld, dass scho sou Saache geschitt sinn."*

D'Associatioun huet dowéinst en animéierte Video erstallt, fir d'Leit iwwer d'Euthanasie ze sensibiliséieren. Den Tabu soll gebrach ginn, ouni awer d'Leit ze schockéieren. Dëse soll an de sozialen Netzwierker publizéiert ginn. Vum 7. Juli u soll de Clip och am Kino viru Filmer vu 16 Joer u gewise ginn.

Mäi Wëllen, Mäi Wee betount nach, dass een zu Lëtzebuerg net generell d'Recht op eng Euthanasie hätt. Et hätt ee just d'Recht eng Euthanasie ze froen, wann ee bestëmmte Konditioune vum Gesetz erfëllt. Schonn am viraus misst een awer eng Disposition de fin de vie ausfëllen, de Jean-Jacques Schonckert:

*"Lo kann et awer och sinn, dass eng Krankheet kënnt oder een Ongléckfall onverhofft, et kann een net virausgesinn an da bemol kann ee säi Wëllen net méi ausdrécken. Duerfir ass et ganz wichteg, dass een eng Disposition de fin de vie mécht, wou ee festhält, wann ech mäi Wëllen net méi ka festhalen, da wëll ech eng Euthanasie. Dat ass ganz wichteg, dat ass een Dokument, dat muss beim Gesondheetsministère, commission nationale d'evaluation hannerluecht ginn, soss zielt et net."*

D'Associatioun betount nach, datt et net nëmmen wichteg wier, datt een ënner wierdege Konditiounen op d'Welt kënnt, mee, datt dat nämmlecht och fir den Doud sollt de Fall sinn.